N°4386
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2026

Här President,

esou wéi d’Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Erzéiungsminister weiderzeleeden.

D'Dageseltere spillen eng wichteg Roll an der Betreiung an der Sproochentwécklung vu jonke Kanner. Virun dësem Hannergrond stellt sech d'Fro, ob déi aktuell sproochlech Zougangsbedéngunge fir d'Autorisatioun als Dagesmamm/Dagespapp (Noweis vu Sproochkompetenzen um Niveau B2 an nëmmen enger Verwaltungssprooch vum Land bzw. Noweis, datt de Kandidat op d’mannst siwe Joer am ëffentleche Schoulsystem zu Lëtzebuerg oder an enger Privatschoul mat lëtzebuergeschem Léierplang gemaach huet) nach duerginn, fir d’Kand optimal op déi komplex Sproochesituatioun am Land virzebereeden.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

1. Huet d'Regierung analyséiert, wéi eng Roll Lëtzebuergesch-Kenntnisser vun den Dageseltere fir déi fréi Sproochentwécklung vun de Kanner spillen? Wa jo, zu wéi enge Resultater ass si dobäi komm?
2. Wéi vill vun den aktuell autoriséierten Dageseltere verfügen iwwer offiziell noweisbar Sproochkompetenzen am Lëtzebuergeschen, Däitsche respektiv Franséischen?
3. Gëtt am Kader vun Inspektiounen iwwerpréift, wéi eng Sprooch oder Sprooche vun den Dageselteren am Alldag mat de Kanner effektiv benotzt ginn? Wa jo, no wéi enge Krittäre geschitt dës Evaluatioun?
4. Ass den Här Minister der Meenung, datt déi aktuell sproochlech Ufuerderungen duerginn, fir d'Ziler vum „éveil linguistique“ an der Méisproochegkeet z'erreechen? Wa jo, op wéi eng Etüden, Evaluatiounen oder wëssenschaftlech Erkenntnisser stäipt sech dës Aschätzung?
5. Wéi begrënnt den Här Minister eventuell Ënnerscheeder an de Sproochufuerderungen un aner Beruffsgruppen am Beräich vun der non-formeller Bildung, notamment fir Educateuren an de Crèchen, vis-à-vis vun den Dageselteren?
6. Huet d'Regierung analyséiert, wéi eng Auswierkungen d'Aféierung vun engem Mindestniveau am Lëtzebuergesche fir Dageselteren op d'Qualitéit vun der fréier Sproochförderung an op d'Disponibilitéit vu Betreiungsplazen hätt? Wa jo, mat wéi enge Resultater?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4386 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Huet d'Regierung analyséiert, wéi eng Roll Lëtzebuergesch-Kenntnisser vun den Dageseltere fir déi fréi Sproochentwécklung vun de Kanner spillen? Wa jo, zu wéi enge Resultater ass si dobäi komm?**

   D'Sproochentwécklung an deenen éischte Liewensjore spillt eng zentral Roll fir d'Entwécklung an déi weider Bildungsweeër vun de Kanner. D'non-formal Bildung dréit mat hirem Bildungsoptrag wesentlech zur sproochlecher Entwécklung vun de Kanner bäi. D'Dageseltere leeschten an dësem Kontext, duerch den alldeeglechen an direkte Kontakt mat de Kanner, e wichtege Bäitrag zur fréier Sproochfërderung.

   An dësem Sënn huet d'Regierung am Joer 2023 mat der *Loi modifiée du 15 décembre 2017 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale* agefouert, datt d'Aktivitéit vun den Dageselteren viraussetzt, datt een e Sproocheniveau an enger vun den dräi Landessproochen (Lëtzebeurgesch, Däitsch, Franséisch) huet, deen engem Niveau B2 vum Europäesche Referenzkader fir Sproochen (CECR) entsprécht. Dëse Niveau gëtt follgendermoossen definéiert: De Benotzer ass fäeg, fir sech selbststänneg an senger Sprooch auszedrécken, an en ass an der Lag, sech fléissend mat de Kanner, de Familljen an de verschiddene Partner auszetauschen.

   Dës Ufuerderung dréit dem wichtege Stellewäert vun der Sprooch an der fréier Kandheet an dem Bildungsoptrag vun der non-formaler Bildung Rechnung.

2. **Wéi vill vun den aktuell autoriséierten Dageseltere verfügen iwwer offiziell noweisbar Sproochkompetenzen am Lëtzebuergeschen, Däitsche respektiv Franséischen?**

   83% vun allen Dageselteren hunn op dem Stéchdatum vum 1. Juli hir Justificatifen agereecht, déi e Sproochniveau B2 beleeën. Meng Servicer stinn an enkem Kontakt mat de betraffene Persounen, déi dëst bis elo nach net gemaach hunn. Vill vun hinnen, sinn aktiv a Sproochecoursen ageschriwwen a schaffen aktiv un hire Sproochkompetenzen, esou datt dëse Prozentsaz nach weider klamme wäert.

   D'Aktivitéit vun den Dageselteren ass am Wandel: Am Joer 2023 huet d'Regierung mat der Gesetzestextännerung zur *Loi modifiée du 15 décembre 2017 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale* héich Qualitéitsufuerderunge formuléiert, déi an dem Gesetzesprojet Nr. 8686 (Reforme loi Chèque-service accueil ab 2027) weidergefouert ginn. D'Regierung ënnersträicht, datt d'Dageselteren e vollwäertege Bäitrag zur non-formaler Bildung bidden, an eng wichteg Roll an der Betreiungsoffer zu Lëtzebuerg spillt.

3. **Gëtt am Kader vun den Inspektiounen iwwerpréift, wéi eng Sprooch oder Sprooche vun den Dageselteren am Alldag mat de Kanner effektiv benotzt ginn? Wa jo, no wéi enge Krittäre geschitt dës Evaluatioun?**

   De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) féiert zwou Forme vun Inspektiounen duerch, bei deenen d'Qualitéit vun der Bildung a Betreiung iwwerpréift gëtt, fir d'Wuelbefannen vun de Kanner sécherzestellen.

Am Kader vun den Agrement- a Kontrollvisitte ginn d'Bedéngunge vun der Autorisatioun an d'Qualitéit vun der Betreiung kontrolléiert. Dobäi gëtt ënnert anerem iwwerpréift op de gesetzlech virgeschriwwenen Sproocheniveau erfëllt ass.

Zousätzlech dozou ginn d'Dageselteren bei hirer wichteger Missioun vun de Qualitéitsberoder ënnerstëtzt, déi si bei hire Visitten an der Qualitéitsentwécklung begleeden an ënnerstëtzen.

4. **Ass den Här Minister der Meenung, datt déi aktuell sproochlech Ufuerderungen duerginn, fir d'Ziler vum ‚éveil linguistique' an der Méisproochegkeet z'erreechen? Wa jo, op wéi eng Etuden, Evaluatiounen oder wëssenschaftlech Erkenntnisser stäipt sech dës Aschätzung?**

Déi aktuell Ufuerderunge vun engem Niveau B2 sinn am Aklang mat den Ziler vum Éveil linguistique, wéi se am Kontext vum Gesetzesprojet Nr. 8686 ugeduecht sinn.

Op dësem Niveau verfüügt eng Persoun iwwer e räiche sproochleche Repertoire, fir kloer Beschreiwungen ze ginn, méi komplex Sazstrukturen ze benotzen a sech mat engem relativ héije Grad u grammatikalescher Richtegkeet auszedrécken. Si ass an der Lag, en zesummenhängenden Discours opzebauen, fléissend ze interagéieren an sech ze vergewësseren, datt hire Géigeniwwer si richteg verstanen huet. Dës Kompetenzen erlaben et notamment, Geschichten ze erzielen, Saachen ze erklären, Froen ze stellen, d'Aussoe vum Kand opzegräifen an ëmzeformuléieren an déi alldeeglech Aktivitéite sproochlech ze begleeden.

5. **Wéi begrënnt den Här Minister eventuell Ënnerscheeder an de Sproochufuerderungen un aner Beruffsgruppen am Beräich vun der non-formeller Bildung, notamment fir Educateuren an de Crèchen, vis-à-vis vun den Dageselteren?**

Déi aktuell Legislatioun gesäit Persounen mat ënnerschiddleche Qualifikatiounen fir, déi an den Erzéiungs- an Betreiungsstrukturen intervenéiere kënnen. Si ënnerscheede sech no akademeschen an schouleschen Ofschlëss, an deementspriechend och no de sproochleche Kompetenzen.

D'Aféiere vun zousätzlechen Ufuerderungen an dësem Beräich ass den Ausdrock dovun, datt d'Regierung weiderhin ambitionéiert Ziler fir eng qualitativ héichwäerteg Kannerbetreiung an eng beschtméiglech sproochlech Begleedung vun de Kanner verfollegt.

6. **Huet d'Regierung analyséiert, wéi eng Auswierkungen d'Aféierung vun engem Mindestniveau am Lëtzebuergesche fir Dageselteren op d'Qualitéit vun der fréier Sproochfërderung an op d'Disponibilitéit vu Betreiungsplazen hätt? Wa jo, mat wéi enge Resultater?**

Zu dësem Zäitpunkt gëtt et keen Element, dat drop hiweise géif, datt d'Aféierung vun engem Mindestniveau an de nationale Landessproochen en Afloss op d'Verfügbarkeet vu Betreiungsplazen hätt; d'Qualitéit vun der Sproochfërdrung gëtt awer doduerch assuréiert.

Lëtzebuerg, de 25. August 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH